Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

Formation continue

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

FACULTÉ DES LETTRES, DES SCIENCES HUMAINES, DES ARTS ET DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION

Formation continue

Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

Op der Universitéit Lëtzebuerg gëtt vum Wantersemester un erëm d'Formation continue ‚Lëtzebuerger Sprooch a Kultur' ugebueden. An dëser Formatioun gëtt Léierpersonal fir Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener aus- a weidergebilt. An der multikultureller Gesellschaft vu Lëtzebuerg gëtt d'Nofro fir Lëtzebuergeschcoursë fir auslännesch Matbierger an domat och fir qualifizéiert Enseignanten ëmmer méi grouss. D'Bestriewungen, de Status vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch ze festegen, verstäerken dës Demande nach méi.

Dauer vun der Formatioun

1 Joer (2 Semester)

Ufank

Mëtt September

Zäit

freides (Dauer: tëschent 4-6 Stonnen, Volume: 110 Stonnen)

Viraussetzungen, fir ugeholl ze ginn

Premièresexamen (BAC), mammesproochlech Kompetenz am Lëtzebuergeschen

Kandidatur

eng schréftlech Demande
Déi heiten Dokumenter gi verlaangt: 1. certifiéiert Kopie vum Premièresdiplom, 2. Lettre de Motivation op Lëtzebuergesch, an deer d'Kompetenzen, d'Experienz an d'Virstellungen am Kader vu ‚Lëtzebuergesch als Friemsprooch' virgestallt ginn, 3. eventuell weider Dokumenter (z.B. Universitéitsdiplom, Zwëscheprüfungscertificat, aner Certificaten). D'Inscriptioun gëtt iwwert den Internet beim ‚Service des Études et de la Vie Étudiante'(SEVE) gemaach. Och d'Dossiere mat der Demande mussen un de SEVE geschéckt ginn. D'Aschreiwunge si vum Juni u méiglech. Ufank September ginn d'Kandidaten informéiert, ob si an der Formatioun ugeholl sinn.

Maximum u Kandidaten

20

Sproochen, an deenen d'Formatioun ofgehale gëtt

Lëtzebuergesch, Däitsch

Ofschloss

Wann d'Exame mat Succès ofgeschloss gi sinn, gëtt e Certificat ausgestallt

Studieplang

Déi inhaltlech Schwéierpunkte leien op linguisteschen, didaktesch-methodeschen a kultur-, literatur- a mediewëssenschaftlechen Aspekter, déi an dräi Moduler organiséiert sinn. Déi eenzel Coursë ginn duerch en Examen ofgeschloss.

—

Module 1

Sproochstruktur

An deem heite Module gi linguistesch Grondlage fir d'Lëtzebuergesch erschafft. Nieft der Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen (Phonetik/Phonologie, Schreifweis, Morphologie, Sazbau) steet och dat konkret Erschaffe vun Aarbechtsmaterial am Vierdergrond. Parallel dozou ginn e-Learning-Aktivitéiten ugebueden, an deenen d'Studenten Aufgabe léisen an hire Wëssensstand selbstständeg kënnen erweideren.

—

Module 2

Friemsproochendidaktitk

Hei gi friemsproochendidaktesch Theorien a Methoden enseignéiert, déi fir den Erwuessenenunterrecht relevant sinn. Dëse Module leeft iwwer 2 Semesteren a gëtt a Form vu Blockseminären (pro Semester 3 Blockseminäre mat jeeweils fënnef Stonnen) a Praxisworkshoppen ofgehalen. D'Studente schaffen am Laf vum Semester u Projeten, déi si dann am leschte Blockseminär virstellen.

—

Module 3

Kultur / Literatur / Medien

Dëse Module konzentréiert sech op kulturwëssenschaftlech Aspekter am wäitste Sënn, déi fir dat alldeeglecht Liewen an der Lëtzebuerger Sproochgemeinschaft relevant sinn. D'Beschäftegung mat Literatur a Medien erfollegt ënnert anerem och mat dem Zil, Materialie fir d'Coursen ze beschafen.

Informatiounen

Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises
Université du Luxembourg

Dr. Melanie Wagner
T. +352 / 46 66 44-6271
E. melanie.wagner@uni.lu

—

Secrétariat Lettres, Sciences Humaines

Brigitte Uhres
brigitte.uhres@uni.lu
T. +352 / 46 66 44-6212
E. +352 / 46 66 44-9604

Weider Renseignementer a Stonneplang am Internet
http://laf.uni.lu

Aschreiwung
http://wwwfr.uni.lu/etudiants/inscriptions/inscription_a_une_formation_specifique_ou_continue